

Lëtzebuerg, den 8 septembre 2021

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

*„An der Atert leien de Moment, nom Héichwaasser vu Mëtt Juli 2021, Bamstämm, déi bei engem neien Héichwaasser d'SEBES-Bréck tëschent Iewerleng an Useldeng blockéiere kënnen.*

*Iert d'Atert dann iwwert den Damm vun der SEBES-Bréck fléisst, géif se fir d'éischt bis zu dräi Meter héich an der Haaptstrooss vun Iewerleng stoen, wat et mat alle Mëttel ze verhënnere gëllt, wéinst dem grousser Schued, deen da géif entsto.*

*Well d'SEBES-Bréck jo awer net als Staumauer gebaut ginn ass, ass d'Gefor grouss, datt se vum Waasser ewech gedréckt gëtt, an domat Drénkwaasserleitung tëschent Esch-Sauer an dem Rescht vum Land ënnerbrach wier.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Ass d'Madamm Minister vum Waasserwirtschaftsamt iwwer dës präzis Problematik informéiert ginn? Wa jo, wat fir Aarbechte mussen genee duerchgefouert gi fir dës Gefor ze behiessen a bis wéini kann dat de Fall sinn?*
- *Ass d'Madamm Minister och nach iwwer aner Plaze laanscht d'Atert a Kenntnis gesat ginn, wou ëmgefalle Beem zu Stau-Situatiounen am Fall vun Héichwaasser kéinte féieren?“*

Mat héifleche Gréiss,

André BAULER  
Deputéierten

Gusty GRAAS  
Deputéierten

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu